# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

DEZEMBER 2025 - JANUAR 2026



## Schéi Feierdeeg | Joyeuses Fêtes

www.petange.lu








| Edito | 3
*Chrëschtdag, e Fest fir d'Famill an d'Frënn*
*Weihnachten, ein Fest für Familie und Freunde*

| klima agence: Die Wärmepumpe | 4

| Nohalteg Feierdeeg | 5

| Centenaire du bâtiment scolaire « Beim Tëtelbierg » | 6

| AGENDA | 8

| Wat war lass? | 12

| Marche gourmande | 20

| Rollenger Millefest | 21

| Wat war lass? | 22

| Kultur zu Péiteng:
Konscht am Häerz vun eiser Gemeng | 31

| Mir gratuléieren | 33

| D'Gemeng informéiert | 33
*Nei Mataarbechter*
*De Präis vum Freedefeier*
*Rentnerfeier zu Péiteng*
*Feux d'artifice à la Saint-Sylvestre*
*Ensemble, gardons Pétange propre et agréable à vivre*
*Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?*
*Radio Péiteng on Air*
*RPL TV*

| Studio Sud Pilates | Un souffle de bien-être à Rodange | 37

Leichte Sprache - Wir trennen unseren Müll (Teil 2) | 38

| Chrëschtdag an der Millen | 40


## IMPRESSUM


**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 1 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**
Service Culture et Communications

**Photos :**
Service Culture et Communications,
Laurent Blum, Paulo Lobo, Jos Perrard,
Gregory Bianchi

**Mise en page & impression :**
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier 100% recyclé,
paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement
à tous les ménages
de la commune de Pétange.

**Édition :**
Décembre 2025 - Janvier 2026

ISSN 1993-0070

# Chrëschtdag, e Fest fir d'Famill an d'Frënn

Den Dezember steet nees virun der Dier, e Mount, dee gepräägt ass vun de Feierdeeg, vum Kleesche fir déi Kleng a vun enger helle Wull Chrëschtmäert uerchter d'Land. Et ass och de Mount vum gudden Iessen a vum Enn vun dësem Joer. Zwielef Méint laang freeë mir eis drop, de Chrëschtbeemchen opzeriichten an ze rëschten. An d'Kanner si brav well si wëssen, datt de Kleeschen net méi wäit ewech ass.

Leider huet de Konsum an deene leschte Jorzingten d'Iwwerhand geholl, an et huet een heiansdo d'Impressioun, ewéi wann de materielle Wäert am wichtegste wier. D'Akaafsweenercher si voll, d'Kaddoe kann ee kaum nach zielen, mee d'Zefriddenheet vun de Leit schéngt dach op engem Déifpunkt ukomm ze sinn.

Vläicht ass dësen Iwwerfloss net gesond, vläicht musse mir emol méi lues trieden, eis emol méi Gedanke maachen an dankbar si fir alles, wat mir schonn hunn. Virun allem dankbar si fir eis Gesondheet, fir d'Famill an d'Frënn, well déi sinn net ze bezuelen. Loosse mir eis drop freeën, mat hinnen zesumme e puer schéin Deeg um Enn vun 2025 ze feieren a den Abléck ze genéissen.

Schéi Krëschtdeeg an e glécklecht a gesond neit Joer wënscht Iech,

De Schäfferot vun der Péitenger Gemeng

# Weihnachten, ein Fest für Familie und Freunde

Der Monat Dezember steht vor der Tür. Ein Monat, welcher von den Feiertagen, von St. Nikolaus für die Kleinen sowie von einer großen Anzahl an Weihnachtsmärkten im ganzen Land geprägt ist. Es ist aber auch der Monat des Genießens und des Jahresendes. Zwölf Monate lang freuen wir uns darauf, den Weihnachtsbaum aufzustellen und zu schmücken. Die Kinder sind brav, weil sie wissen, dass der Nikolaus bald kommt.

Doch leider hat der Konsum in den vergangenen Jahrzehnten überhand genommen und es hat den Anschein, als ob der materielle Wert über allem stünde. Die Einkaufswagen sind voll gepackt, Geschenke kaum noch zählbar, doch es scheint, die Zufriedenheit der Menschen sei trotzdem auf einem Tiefpunkt angelangt.

Vielleicht ist der Überfluss ungesund, vielleicht sollten wir etwas kürzer treten, uns mehr Gedanken machen und dankbar sein für alles, was wir bereits haben. Vor allem aber dankbar sein für unsere Gesundheit, für Familie und Freunde, denn sie sind nicht bezahlbar. Freuen wir uns darauf, einige schöne Tage am Ende von 2025 mit ihnen zu feiern und den Augenblick zu genießen.

Frohe Weihnachtstage und ein glückliches, gesundes neues Jahr wünscht Ihnen,

Der Schöffenrat der Gemeinde Petingen



pétange
MOTIVATION COMMUNE



# **Wie wäre es, wenn die Wärmepumpe Ihnen ...**
# eine effiziente und umweltfreundliche Lösung für die Beheizung Ihrer Wohnung bieten würde?

In einer Zeit, in der der Fokus auf nachhaltigen Lösungen liegt, gewinnen Wärmepumpen zunehmend an Bedeutung. Diese bewährte Technologie bietet nicht nur eine effiziente Möglichkeit zur Beheizung von Gebäuden, sondern ist auch eine vielversprechende Alternative, um die Umweltauswirkungen zu minimieren.

Denn Wärmepumpen nutzen die in der Umwelt verfügbare Wärmeenergie, sei es in der Luft oder im Boden, um Wärme zu erzeugen. Um diese Effizienz zu messen, wird der COP (Coefficient of Performance) herangezogen, der das Verhältnis zwischen der erzeugten Heizwärme (kWh) und der dafür benötigten Strom (kWh) ausdrückt. Im Vergleich zu fossilen Heizsystemen bieten Wärmepumpen aufgrund ihrer Energieeffizienz einen erheblichen Vorteil.

**Vorurteile gegen Wärmepumpen**

Es gibt immer noch viele Mythen über Wärmepumpen, wie z. B. „Wärmepumpen können nicht in Altbauten eingesetzt werden". Aber auch in Altbauten ist die Wärmepumpe eine Option, auch unter Verwendung der vorhandenen Heizkörper. Lediglich die Effizienz ist in der Regel etwas geringer als in Neubauten mit Fußbodenheizung.

Sie planen, eine Wärmepumpe in Ihrem Haus zu installieren? Klima-Agence stellt Ihnen eine Checkliste über Wärmepumpen in Wohngebäuden zur Verfügung, damit Sie beim Einbau einer solchen Anlage den Überblick behalten. In dieser von unseren Experten erstellten Liste finden Sie die Elemente, die Sie bei der Installation und dem Betrieb eines solchen Systems beachten müssen: die Einstellungsmöglichkeiten Ihrer Anlage, die erforderlichen Genehmigungen, die durchzuführenden Kontrollen und die verschiedenen Wärmepumpentypen. Das Dokument bietet ein kurzes Glossar und erklärt Fachbegriffe, über die Sie als Laie stolpern könnten. Nutzen Sie auch die Beratung von Klima-Agence, falls Sie noch weitere Fragen haben.

**Hier finden Sie die Checkliste**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige & kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 8002 11 90

# Nohalteg feieren – mat Häerz a Verstand



D'Feierdeeg sti virun der Dier, an dat heescht och fir vill Bierger aus eiser Gemeng: Zäit fir Famill a Frënn erëmzegesinn, Zäit fir ze genéissen an ze méi lues ze maachen. Mee grad an dëser intensiver Period kënne mir mat e puer bewosste Schrëtt dozou bäidroen, d'Ëmwelt ze schounen, ouni dobäi op eng festlech Stëmmung ze verzichten. Kleng Entscheedunge kënnen e groussen Ënnerscheed maachen – och ënner dem Chrëschtbeemchen.

## Regional akafen

Wann dir du deng Kaddoen hei am Land kaaft ënnerstëtzt dir net nëmmen d'Wirtschaft vun hei, mee och Aarbechtsplazen an d'Handwierk. Kuerz Transportweeër bedeiten och manner $CO_2$-Emissiounen – an d'Geschenker si meeschtens och méi perséinlech.

## Ëmweltbewosst apaken

Geschenkpabeier ass dacks mat Plastik beschicht a kann net recycléiert ginn. Zeitungspabeier, Stoft oder al Kaarte sinn eng flott Alternativ. Eng Sakschnouer a gedréchent Blummen derbäi maachen d'Geschenker originell an ëmweltfrëndlech.

## Natierlech dekoréieren

D'Natur bitt och vill flott Dekomaterial: Anäis, Kanéilstécker, Moos oder Dännenzapfen. Sou schaaft een eng waarm, authentesch Stëmmung – an dat ganz ouni Plastik oder Glitter. Wisou net mol eng Girland aus Popkorn un de Beemchen hänken? Eng kleng Bastelaktioun mat Kanner oder Frënn mécht dobäi nach Spaass.

## Energie spueren

LED-Luuchte verbrauche bis zu 80% manner Stroum a si méi laanglieweg. Mat engem Zäitschalter oder Sensor brennen se nëmmen, wann et wierklech néideg ass. Och Solarluuchte sinn eng praktesch an nohalteg Alternativ.

## Fazit

Nohalteg feieren heescht net Verzicht, mee Bewosstsinn. Mat klenge Schrëtt kënne mir e grousse Bäitrag leeschten, fir datt d'Feierdeeg net nëmmen eis gutt doen, mee och eiser Ëmwelt.

## Kuerz a konkret – kleng Schrëtt, grouss Wierkung

- Regional akafen oder selwer maachen
- Zeitungspabeier oder Stoftreschter amplaz Plastikspabeier
- Deko aus Naturmaterial
- LED-Luuchte mat Zäitschalter
- Regional a saisonal kachen



# 100 Joer Rollénger Schoul: Eng Rees duerch d'Zäit an d'Weltgeschicht




Heiansdo bréngt eng zoufälleg Entdeckung eppes Grousses un d'Rullen. Genee dat ass geschitt, wéi d'Léierpersounen aus der Schoul „beim Tëtelbierg" zu Lamadelaine op eng Foto aus dem Joer 1925 gestouss sinn – eng historesch Opnam, déi d'Aweiung vun der deemoleger neier Schoul festhält. Aus dëser klenger, mee bedeitungsvoller Entdeckung, ass eng Iddi gewuess: eng Iddi, déi séier zu engem engagéiertem Aarbechtsgrupp gefouert huet, deen d'Centenaire-Feierlechkeeten op d'Bee stelle sollt.

Doraus ass eng Ausstellung entstanen, déi beräichert, léiert an och e bëssen nostalgesch stëmmt – eng Aarbecht, déi d'Geschicht vum Gebai an d'Geschichte vu senge Mënschen op eng beandrockend Aart a Weis zesummebréngt.

### E Gebai dat mat senger Gemeng gewuess ass

D'Rollenger Schoul huet an de leschten 100 Joer eng aussergewéinlech Entwécklung duerchlieft. Parallel mat engem Duerf, dat sech lues a lues verg-










réissert huet, ass och d'Schoul mat de Joren ëmmer erëm ausgebaut ginn – ouni dobäi jeemools hir Basis ze verléieren.

Vun den éischten zwee Klassesäll aus ass d'Gebai ëmmer weider erweidert ginn:

- vun zwee op véier Klassesäll,
- duerno nei Raim op där anerer Säit,
- en Turnsall,
- en Theatersall,
- eng Spillschoul,
- Pompjeesgaragen,
- an nach vill aner Funktiounen, déi d'Schoul zum Häerzstéck vum Quartier gemaach hunn.

Tëscht 2011 an 2015 ass schliisslech eng grouss, duerchduecht Renovéierung ëmgesat ginn. Dobäi goufen all Eenzelgebaier zu engem harmonesche Ganzen zesummegefouert. Aus dem fréiere schmuele Passage tëscht den Haaptgebaier ass en helle, groussen Atrium entstanen, dat haut all Stäck vereent a fir e modernt an oppent Léierëmfeld suergt.

### D'Kanner huelen ee Joerhonnert ënnert d'Lupp

Mat vill Freed an Entdeckerloscht hu sech d'Schoulkanner op d'Spuere vun der Vergaangenheet gemaach. Si hunn déi wichtegst Etappen aus all Joerzéngt erfuerscht an duergestallt: wéi de Schoulalldag fréier ausgesinn huet, wat an eiser Géigend geschitt ass, a wéi weltgeschichtlech Entwécklungen och hiert Duerf an hir Schoul beaflosst hunn.

D'Resultat ass eng Ausstellung mat vill Häerz, mat vill Perséinlechkeet an engem déifgräifende Bewosstsi fir d'Geschicht, déi ons all verbënnt.

### E Réckbléck voller Emotiounen

Vill fréier Enseignanten a Schoulkanner hunn d'Geleeënheet genotzt, fir dës Ausstellung ze besichen. Si sinn duerch d'Raim getréppelt, hunn al Fotoen an Dokumenter erëmkannt, an dacks och Erënnerungen opkomme gelooss – heiansdo mat engem Laachen, heiansdo mat engem rouegen, nostalgesche Bléck zeréck.

Esou authentesch Zeie si wichteg fir eis Gemeinschaft. Si hëllefen de jonke Leit ze verstoen, wou mir hierkommen, a si schafe Brécken tëscht de Generatiounen.

### E grousse Merci!

Mat dëser Ausstellung ass e Stéck lokal Kultur erëm opgeblitt. Si weist, wéi eng Schoul ka wuessen – net nëmmen duerch nei Gebaier a Maueren, mee virun allem duerch déi Mënschen, déi se iwwer Generatioune gepräägt hunn.

All Respekt un déi, déi dëst wäertvollt Stéck Geschicht opbereet hunn, an un déi, déi et mat Begeeschterung an Engagement weiderginn!






# AGENDA
## Décembre - Janvier

### 05.12.
### VIRSTELLUNG VUM GESCHICHTSFUERSCHER N° 14
Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen' · Ufank: 19.00 Auer

Fräien Entrée

Lëtzebuergeschen Film vum Marc Olinger, Menn Bodson a Gast Rollinger vun 1992. Zeenario vum Emil Angel.

Org.: Les Amis de l'Histoire de la commune de Pétange

### 05. - 07.12.
### THEATER: ÉIERENS AM NÉIERENS
Pétange - Home St Hubert

Freides: 20.00 Auer · Samsdes: 20.00 Auer · Sonndes: 17.00 Auer

Org.: Theaterfrënn Home

### 06.12.
### FÊTE SAINT NICOLAS DU DÉPARTEMENT DES IMMIGRÉS
Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen' · 10h00 - 15h00

Org.: OGBL Section Kordall

### 07.12.
### BOURSE 'O' POP
Lamadelaine, Centre de loisirs 10.30 - 16.00 Auer

Funko Pop Convention

Org.: DT Kordall 95

### 09.12.
### KRIMI DINNER – MORD UM ORDRE DU JOUR
Lamadelaine, Centre de loisirs Ufank: 18.00 Auer

Org.: Télévie, Fir ee gudden Zweck Gemeng Péiteng asbl

### 11.12.
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE - AAPPCP
Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen'
Ufank: 19.11 Auer

Org.: AAPPCP

### 12.12.
### RÉUNION MENSUELLE
Rodange, Centre Cuturel
17h00 - 18h00

Org.: Cercle Philatélique Rodange

### 14.12.
### FÊTE DE NOËL 2025
Pétange - Home St Hubert
11.00 - 19.00 Auer

Org.: Amicale Péitenger Senioren

### 14. - 17.12.
### EXPOSITION CLAUDIA FANELLI
Rodange, Centre Culturel
16h00 - 20h00

Vernissage le 14.12. à 17h00

Org.: Syndicat d'Initiative Rodange asbl

### 19.12.
### SPROOCHECAFÉ (CAFÉ DES LANGUES)
Rodange - Buvette du Hall polyvalent 'Sportshal'
19.00 - 20.30 Auer

Org.: Gemeng Péiteng

### 20.12.
### CONCERT DE BIENFAISANCE
Eglise paroissiale de Lamadelaine, Grand-rue · Ufank: 19.30 Auer

Org.: Harmonie Municipale Rodange & Lamadelaine

### 26. - 28.12.
### TOURNOI DE FOOTBALL EN SALLE POUR U7, U9 ET U11
Rodange, Centre Sportif
à partir de 8h00

Org.: FC Rodange 91

### 08.01.
### POT DE NOUVEL AN
Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen' · Ufank: 19.00 Auer

Org.: Parti démocratique (DP) Pétange

### 11.01.
### MARCHE SOLIDAIRE
Rodange

Org.: Team Empatia / LGS Rodange/Lamadelaine

### 17.01
### STAGE SPORTIF
Péiteng, Centre Sportif Bim Diederich · vu 15.00 bis 17.00 Auer

Org.: B.C. Rubino-Gym Luxembourg ASBL

### 18.01.
### VIDE DRESSING
Lamadelaine, Centre de loisirs

10h00 -17h00

Org.: Amicale des Anciens Princes et Princesses de la Cavalcade de Pétange

### 22.01
### HIERKENOWEND
Rodange, Centre Sportif
18.00 Auer

Org.: Télévie - Fir ee gudden Zweck Gemeng Péiteng asbl

### 23.01.
### RÉUNION MENSUELLE
Lamadelaine, Centre de Loisirs
17h00 - 18h00

Org.: Cercle Philatélique Rodange

## 24.01. SAVE THE DATE
## JOURNÉE INTERNATIONALE DU SPORT FEMININ
Péiteng Org.: Gemeng Péiteng

## 28.01.
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen' · Ufank: 19.00 Auer

Org.: Les Amis de l'Histoire de la commune de Pétange

## 30.01
## SOIRÉE D'INFORMATION SUR LE LOGEMENT
Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen' · Ufank: 19h00

Org.: OGBL Section Kordall

## 01.02.
## MEGA KANNERBAL
Lamadelaine, Centre de Loisirs
14.00 - 18.00 Auer

Wal vum Kannerprënzepuer 2026
Entrée : 5€ - Kanner 2€

Org.: KaGePe, AAPPCP

## PABEIERSAMMLUNG AN DER GEMENG PÉITENG
**Tour 1: 20.12. an 10.01.**
**Tour 2: 12.12. an 09.01.**
**Tour 3: 19.12. an 16.01.**

**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl! D'Pabeierpäck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

Org.: Guiden a Scouten Péiteng
Gemeng Péiteng

## Ausstellung - Exposition
## KULTURHAUS „A ROUSEN"
place du Marché zu Péiteng

## 28.01. - 02.02.
## DAMIEN SCHMIT
Ouverture au public :
de 14h00 - 18h00 | Entrée libre

Vernissage : Jeudi 29.01. à 19h30

Org. : SITP

## WAX KONSCHTMILLEN
2, rue d'Athus
L-4710 Pétange

Cabarets & Concerts
um „Späicher"
vun der Konscht-Millen

## 18.01.
## D'MIERBAACHER
Raymond Kimmes
& Jean-Paul Herman

servéiren Iech „Al Schanken", onvergiesslech schéi Lidder aus den 30er, 40er, 50er, 60er, 70er, 80er an 90er Joren.

Thema 2026:
**„We Shall Never Forget"**

Début : 16h00

Entrée : 15€

Réservations par courriel :
info@konschtmillen.lu

## 08.12, 12.01.
## BICHERBUS
Péiteng,
Place J.F.Kennedy
vun 11.15 bis 11.45 Auer

Rodange
bei der Sportshal
Rue Jos Moscardo
Vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher,
Audio-Bicher
an DVDe léinen

Info iwwer Tel.: 80 30 81
(Romain Kayser) oder per
E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner:
https.//cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

## WAS IST LOS IN DER GEMEINDE SCHIFFWEILER?

## 05.12.
## BOBBYCAR-KINO
Um 16.30 Uhr

Ort: Mühlbachhalle
in Schiffweiler

## 12.12.
## WEIHNACHTEN AUF DEM STRIET
Weitere Infos auf folgender Seite:
https://www.schiffweiler.de/aktuelles-veranstaltungen/termine

### Musikalesch Événementer:
## PÉITENGER MUSEKSSCHOUL
KORUS - Centre Musical et Culturel
50, rue Batty Weber, Péiteng

**Dezember Highlights:**

| Datum | Événement | Auerzäit | Plaz |
|---|---|---|---|
| **11.12.** | Auditioun Violon | 17.00 - 19.00 Auer | Foyer (1. Stack) |
| **13.12.** | Auditioun Violoncelle "A Cello Celebration" | 11.00 - 12.00 Auer | Concertssall |
| **16.12.** | Wanterconcert | 18.30 - 20.00 Auer | Concertssall |
| **17.12.** | Auditioun Piano | 18.00 - 19.00 Auer | Foyer (1. Stack) |
| **19.12.** | Auditioun Piano | 18.00 - 19.00 Auer | Concertssall |

www.petange.lu

CLUB KORDALL AKTIV

27-29, rue Michel Rodange
L-4660 Differdange

Umeldungen an Aschreiwungen iwwer
Tel. +352 26 58 06 60

Iwwerweisung vun de Rechnungen op de
Konto CCPLLULL LU91 1111 1007 2640 0000

## 13.01.
## Neijoersfeier | *Fête du nouvel an*

**Rendez-vous:** 14h00 - 17h00, Artikuss

Fir dat neit Joer ze begréissen invitéiere mir Iech op en Neijoerspatt am Artikuss. Zesumme stousse mer op dat neit Joer 2026 un a verbréngen e flotten Nomëtteg a gudder Ambiance. Musikalesch begleet vun den Hämelmaous

*Pour accueillir la nouvelle année, nous vous invitons à un réveillon du Nouvel An au Artikuss. Ensemble, nous célébrerons la nouvelle année 2026 et passerons un bel après-midi dans une bonne ambiance avec Hämelmaous comme orchestre.*

**Präis:** Gratis | *Gratuit*
10€ *(Transport)*

## 24.01.
## RedRock Climbing mam | *avec le* Jugendhaus

**Rendez-vous:**
um 14h50 Zolwer Scheierhaff oder | *ou*
um 14h30 Parking Plateau des Hauts Fourneaux
15h00 - 17h00

Mir hu fir 2 Stonnen ee Moniteur zu Zolwer um Scheierhaff gebucht, deen eis an déi flott Sportart Klammen aféiert.

Hutt Dir Loscht dëst mol auszeprobéieren, da mellt Iech un.

*Nous avons réservé un moniteur pour 2 heures au Scheierhaff à Soleuvre, qui nous initie à l'escalade.*

*Si vous avez envie d'essayer ce sport, alors inscrivez-vous.*

**Präis:** 30€
4€ (Fakultativ fir Klammschong | *Optionnel pour les chaussures à crampons)*
10€ *(Transport)*

## 30.01.
## Fakelwanderung
## *Randonnée aux flambeaux Ellergronn*

**Rendez-vous:**
um 17h45 am | *au* Ellergronn oder | *ou*
um 17h00 Parking Plateau des Hauts Fourneaux

Erkunden Sie das Naturschutzgebiet Ellergronn bei einer Fackelwanderung! Ein spannendes Abenteuer, voller faszinierender Geschichten über den Alltag derjenigen, die einst in den unterirdischen Stollen gearbeitet haben. Sie interessieren sich für Geschichte, lieben die Natur oder sind einfach nur neugierig? Dann sollten Sie diese Führung auf keinen Fall verpassen!

*Explorez la réserve naturelle d'Ellergronn lors d'une randonnée aux flambeaux ! Une aventure passionnante, remplie d'histoires fascinantes sur la vie quotidienne de ceux qui ont autrefois travaillé dans les galeries souterraines. Vous vous intéressez à l'histoire, aimez la nature ou êtes simplement curieux ? Alors vous ne devriez absolument pas manquer cette visite !*

**Präis:** 15€
10€ *(Transport)*




UCP
L'UNION CYCLISTE PÉTANGE
SOUS LE HAUT PATRONAGE
DE L'ADMINISTRATION
COMMUNALE DE PÉTANGE
pétange
MOTIVATION COMMUNE
présente le
CYCLO-CROSS
International du Nouvel-An
LE 1er JANVIER 2026 À PÉTANGE
GRAND PRIX CONSTRUCTION ALLEVA
12h00: Départ de l'épreuve régionale «DÉBUTANTS m/f»
GRAND PRIX G.I.L. IMMOBILIÈRE
13h00: Départ de l'épreuve internationale «JUNIORS»
GRAND PRIX OPTIQUE NOTHUM
14h00: Départ de l'épreuve internationale «DAMES-ÉLITE, DAMES <23 ANS et JUNIORS»
GRAND PRIX GARAGE COLLÉ
15h15: Départ de l'épreuve internationale «HOMMES ÉLITE & HOMMES <23 ANS»
EPREUVES COMPTANT POUR LE CHALLENGE MONDIAL
alleva
ENTREPRISE DE CONSTRUCTION PETANGE
G.I.L.
Groupe Immobilier Luxembourgeois
www.gil.lu
Optique Nothum
COLLÉ
PREMIUM CARS
F. S. C. L.
UCI

# Wat war lass?

**22.09.2025**
*De **Bestëbsergaart** nieft dem ale Paschtoueschhaus, am Häerz vu **Lamadelaine**, ass offiziell ageweit ginn – eng nei Plaz fir Mënsch an Natur, wou d'Insekte sech wuel fillen an d'Mënsche Rou fannen.*










**27.09.2025** - *Zu Rodange bei der Eil gouf den **Tournoi Pétanque Carrée** fir de gudden Zweck ausgedroen – eng flott Aktioun fir bedürfteg Kanner an Erwuessener aus eiser Gemeng z'ënnerstëtzen, organiséiert vum Veräin Schëppen Ass asbl an Zesummenaarbecht mat der Péitenger Gemeng a mat Hëllef vum FC Rodange 91.*



**27. - 28.09.2025**

***Steampunk 2025 um Fond-de-Gras:*** *Eng international Konventioun, déi vill Visiteuren an déi eenzegaarteg Industriekuliss vum Fond-de-Gras gezunn huet.*















**09.10.2025**
*An der **Seniorie St. Joseph** zu Péiteng gouf d'**Journée du Grand Âge** gefeiert – e gemittlechen Nomëtteg mat Musek, flottem Austausch an engem schéine Kaddo vum Schäffen- a Gemengerot.*



















**12.10.2025** - ***Kirris Rivière & The Delta du Bruit*** *ont fait vibrer Pétange au rythme du blues. Ce concert, qui a eu lieu au nouveau Centre Musical et Culturel KORUS dans le cadre du festival **L'Agglo en Scènes** / Nancy Jazz Pulsations, a une fois de plus confirmé le dynamisme culturel de la commune et l'enthousiasme du public pour la musique live.*






**12.10.2025** - *Den éischte **Cross** an dëser Wantersaison gouf den 12. Oktober vum **RBUAP** (Red Boys Union Athlétique Pétange) am Doihl zu Rodange organiséiert an huet 542 Leefer an de verschiddenen Altersklassen ugezunn. Gewënner an den Haaptcoursse goufen den James Dunn an d'Liz Weiler.*










**19.10.2025**
- *D'Gemeng Péiteng huet dëst Joer zu Rodange de* ***nationale Gedenkdag*** *organiséiert – mat Cortège, enger Blummennéierleeung beim „Monument aux Morts" an enger Gedenkmass an der Parkierch Helleg Amalberga.*


















**18.10.2025 - *Rock the South:*** *Den Home St. Hubert zu Péiteng stoung ganz am Zeeche vum Rock: D'Bands „Drained Within", Emily Grogan, „Pilot Light" a „PRAETOR" hu fir e staarke Sound an eng super Stëmmung gesuergt.*















**20.10.2025**
*D'Gemeng hat d'Bierger op eng Informatiounsversammlung invitéiert, fir d'Resultater vun der Testphas Verkéiersberouegungsprojet **„An Eigent"** kennenzeléieren an e Bléck op déi nächst Etappen ze werfen.*








**25.10.2025**
*Déi 2. Editioun vun der **Foire du $3^e$ âge** am Kulturhaus A Rousen zu Péiteng huet vill Interesséierter ugezunn – eng Plattform fir Austausch, Informatioun an Zesummenhalt. Ganz vill interessant Stänn waren op 2 Stäck verdeelt an hu fir vill Gespréicher gesuergt.*











**25.10.2025** - *Inauguration de l'exposition **« Journée du Timbre 2025 »** au Centre culturel de Rodange, en présence du bourgmestre Jean-Marie Halsdorf, des échevins et de membres du conseil communal. L'édition célèbre les 80 ans du Cercle Philatélique Rodange avec un timbre spécial dédié à la sculpture « Rail Owl » de Bettina Scholl-Sabbatini, symbole du lien entre art et mémoire industrielle.*












# MARCHE GOURMANDE


















# ROLLENGER MILLEFEST





















**21. - 22.10.2025** - *D'**Péitenger Museksschoul** huet hir traditionell **Diplomiwwerreechung** fir d'éischte Kéier am neie Concertssall vum „Centre Musical et Culturel KORUS" gefeiert – e musikaleschen a symbolesche Moment voller Stolz, Talent a Leidenschaft. D'Direktioun huet zesumme mat Membere vum Péitenger Schäfferot d'Diplomer iwwerreecht an dobäi de Fläiss, d'Kreativitéit an den Teamgeescht vun de Schüler gelueft.*
















YAMAHA




**26.10.2025**
*An der Péitenger Parkierch gouf de* ***60. Geburtsdag vun de Foulards Blancs*** *am Präsenz vum Weibëschof Leo Wagner gefeiert – e Moment vu Glawen, Gemeinschaft a Dankbarkeet.*






**30.10.2025**
*Zu Rodange hunn d'Kanner aus de Maison-Relaisen - „Bei de Bujellien" an „Dachse vun der Bich" - en* ***Don un d'„Association Luxembourgeoise du syndrome de Rett asbl"*** *gemaach. Déi 1.100€ goufen um Summerfest vun de Maison-Relaisen zesummegedroen. Bravo!*



**7. - 16.11.2025** - *Traditioun a Gesellegkeet um Programm: D'***Kiermes St Hubert** *zu Péiteng hat vum 7. bis de 16. November bei guddem Wieder d'Maartplaz an d'Gemengplaz an eng Spillwiss verwandelt. An e puer gutt Mäifel goufen och hei verkaf.*











**16.10.2025** - *La formation « Premiers secours en santé mentale », organisée par la Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale, a eu lieu à la Maison de la Culture « A Rousen » à Pétange. Pendant quatre modules de trois heures, les participants ont appris à reconnaître les signes de détresse psychologique, à offrir un soutien bienveillant et à orienter la personne concernée vers une aide professionnelle. Une initiative essentielle pour promouvoir la santé mentale et lutter contre la stigmatisation.*



**8.11.2025 - *10 Joer Jumelage Péiteng – Schiffweiler:*** *Eng Wanterlann, Symbol vu Fréndschaft, Zesummenhalt a Bestännegkeet, gouf am Park Théophile Kirsch geplanzt. Dëse Bam – e Kaddo vun eise Frënn aus Schiffweiler – steet fir déi déif Verwuerzlung an d'Liewegkeet vun eiser Verbindung. Am Kader vun der akademescher Sëtzung am Kulturhaus „A Rousen" gouf zu Éiere vu Schiffweiler e Film gewisen, an d'Gemeng Péiteng huet dem Buergermeeschter Cédric Juchem eng Wandjang-Skulptur als Zeeche vun Dankbarkeet a Fréndschaft iwwerreecht.*

















**13.11.2025** - *Op der Grenz tëschent de Gemenge Péiteng a Käerjeng, op der Kräizung Bomecht, ass eng* ***imposant Lann geplanzt*** *ginn. De Bam soll déi Trauerweid ersetzen, déi duerch den Tornado vum 9. August 2019 schwéier beschiedegt a komplett zerstéiert gi war. Déi nei Lann ass ronn 16 Meter héich, ongeféier 10 Tonne schwéier an ëm déi 40 Joer al. Mat dëser Planzaktioun soll net nëmmen un d'Evenementer vum Summer 2019 erënnert ginn, mee och e staarkt Zeeche fir d'Weiderentwécklung vun eiser Regioun gesat ginn.*













**14.11.2025** - *Am Kader vun der **alljärlecher Heckeplanzaktioun** hunn d'Kanner aus dem Zyklus 4.2, zesumme mam Fierschter a senger Equipe esou wéi dem Service „Espaces Verts", Uebstbeem an der Géigend vum Fitness Parc (hannert der rue de la Chiers) zu Péiteng geplanzt.*
















**17.11.2025** - ***Remise d'un chèque de 5000€** à l'Association européenne contre les leucodystrophies « ELA » ,faisant suite à l'action solidaire du 20 juin 2025 invitant le personnel de la commune à se mobiliser pour récolter des fonds pour cette bonne cause.*

**15.11.2025**
*Zu Rodange, am Park bei der Cité Neiwiss II, huet d'Gemeng Péiteng am Kader vum 34. Dag vum Bam eng* ***Hobich*** *(Hainbuche) geplanzt – e Symbol fir d'Kanner aus der Gemeng, déi tëscht dem 1. November 2024 an dem 30. September 2025 op d'Welt komm sinn.*












*Enn September war och d'Gemeng Péiteng fir d'Bamplanz-Challenge nominéiert ginn, déi zanter e puer Méint e viralen Trend op Facebook ass. D'Gemeng hat net laang gezéckt, fir hir Aufgab z'erfëllen: Bannent nëmmen 72 Stonnen ass den neie Bam am Park Théophile Kirsch geplanzt ginn – e klore Message fir eist Engagement am Klima- an Ëmweltschutz.*
*Am selwechte Kader hat d'Gemeng Péiteng och hir Partnergemengen Aubange (BE), Mont-Saint-Martin (FR) a Schio (IT) nominéiert. All dräi Gemengen hunn d'Challenge ugeholl an hunn am Delai hire Bam gewisen, wat d'Stäerkt vun eiser grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht nach eemol ënnerstrach huet.*














**18.11.2025 -** *Am Mee hat d'Gemeng Péiteng an Zesummenaarbecht mam Rotary Club Bascharage Kordall déi 3. Editioun vum „Charity Dinner" an der Paul Wurth-Hal am Fond-de-Gras organiséiert, an do koum eng ganz stolz Zomm um Enn zesummen, déi gespent sollt ginn. Am Kader vun enger Receptioun am Hochzäitssall vun der Péitenger Gemeng gouf de Scheck iwwer 28.000€ un zwou Associatiounen iwwereecht: „Ee Kannerlaachen asbl" a „Fir e gudden Zweck Gemeng Péiteng asbl", wouriwwer béid Vertrieder natierlech ganz frou waren.*

# Konscht am Häerz vun eiser Gemeng




Ënnert de ville kulturellen a gesellschaftlechen Aktivitéiten, déi iwwer d'Joer an eiser Gemeng organiséiert ginn, hunn d'Konschtausstellunge vum Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange (SITP) eng ganz speziell Plaz. Am Kulturhaus „A Rousen", engem Raum mat Charakter



a vill Flair, kréien d'Kënschtler aus der Regioun d'Méiglechkeet, hir Wierker engem breede Public virzestellen.

### Eng grouss Nofro a vill Passioun

D'Sich no Ausstellungsraim a Méiglechkeeten ass bei de lokalen a regionale Kënschtler zënter Joren onverännert héich. Déi, déi schonn eemol an der Galerie Schiffweiler „A Rousen" ausgestallt hunn, kommen ëmmer gären zeréck – net nëmme wéinst der lieweger Atmosphär, mee och wéinst dem aussergewéinleche Kontakt mam Public an der gudder Organisatioun vum SITP.

D'Kënschtler këmmeren sech selwer ëm d'Invitatiounen, d'Surveillance an ëm kleng Häppercher um Owend vum Vernissage.

D'Gemeng Péiteng stellt traditionell den Éierewäin um Owend vum Vernissage an heiansdo suergen och d'Combos vun der Péitenger Museksschoul fir di musikalesch Ënnermolung.

Dëse Mix aus Professionalitéit an enger häerzlecher, lokaler Verbonnenheet mécht all Vernissage zu engem besonnesche Moment.



## E Bouquet u Kreativitéit – direkt virun eiser Dier

D'Konschtausstellungen zu Péiteng sinn net nëmmen Ausstellungen – et si Rendez-vousen, déi Artisten a Konschtfrënn zesummebréngen. Et si Begéinunge voller Gespréicher, Inspiratioun, Emotiounen a virun allem: Mënschlechkeet.

Mat all Expo weisen eis lokal Kënschtler, wéi vill Talenter an eiser Gemeng wéi och an der Regioun stiechen. Engersäits ginn nei Aflëss a kreativ Iddie gewisen, anersäits bleift d'Kulturhaus „A Rousen" eng Plaz, déi dem lokale kulturelle Liewen eng héichwäerteg a familiär Bün bitt.



## D'Konschtausstellungen 2026

Zënter Joerzéngten organiséiert den SITP d'Konschtausstellungen. Fir d'Joer 2026 si 6 Ausstellunge geplangt. All Expo leeft vu Fréides bis Sonndes, mam traditionelle Vernissage um Donneschdegowend.

## Kontakt

Jacques Schwachtgen
jschwachtgen60@gmail.com

SITP



# Mir gratuléieren!




Am Krees vun hirer Famill, vu Memberen aus der Direktioun, dem Fleegepersonal esouwéi dem Péitenger Schäfferot an der Amicale vun der Seniorie huet d'Madame **Vera Gemmer-Jelic** op 90 Joer zeréckgekuckt, déi wéi am Flug vergaange sinn.

D'Jubilarin huet sech et och net huele gelooss, fir op hire groussen Dag unzestoussen an déi sëlleche Gléckwënsch entgéintzehuelen.

Op 9 Jorzingte konnt den Här **Luigi Fornella** dëser Deeg zeréckkucken ewéi säi ronne Gebuertsdag gefeiert huet. Ëmgi vu senger Famill a Memberen aus dem Péitenger Schäfferot huet hien sech et net huele gelooss, mat hinnen all unzestoussen. Dat, nodeems hie vu jidderengem déi bescht Wënsch an eng gutt gefëllte Corbeille entgéintgeholl hat.





## Nei Mataarbechter



Zënter dem 1. September 2025 ass den **David Roll** Responsabel vun der Ekipp vum Service Entretien et Nettoyage vun der Gemeng Péiteng.



Zënter dem 1. September 2025 huet de Service Maisons Relais vun der Gemeng Verstäerkung kritt an der Persoun vum **Sandrine Tarrade**.



Zënter dem 1. Oktober 2025 gehéiert de **Raoul Thinnes** zur Ekipp vum Service Aménagement Communal vun der Gemeng Péiteng.

# DE PRÄIS VUM FREEDEFEIER

## Vergänglech Fonken, dauerhaft Auswierkungen

### LOFTVERSCHMOTZUNG

Beim Ofbrenne vu Feierwierkskierper gi Feinstaub a Gaser fräigesat, déi deels schiedlech kënne sinn ($CO_2$, CO, $N_2O$, $SO_2$, $NO_x$).

Schwaarzpolver
Fir Undriff an d'Explosioun

Schwéiermetaller
(fir Faarwen ze fabrizéieren)

$CO_2$

E Freedefeier vun 30 Minutten, dat 3 Tonne Schwaarzpolver verbraucht, setzt 1,5 Tonnen $CO_2$ fräi. Dat entsprécht enger Autofaart vun 12 500 km.

### AUSWIERKUNGEN OP DÉIEREN

BANG

Geräicher a Luuchten

Stress fir Vullen, nuetsaktiv Mamendéieren an Hausdéieren

Annormalt Verhalen, bis hin zu Doudesfäll

### KONTAMINATIOUN VUM BUEDEM

Äschen, Schwéiermetaller an aner Offäll

Brand- a Verletzungsgefor

Waasser- a Buedemverschmotzung

### TOXIZITÉIT

Intensiv lokal Verschmotzung

Otem- oder Häerzbeschwerde bei vulnerabele Persounen

BANG

De Feinstaub, deen als ee vun de geféierlechste Loftschuedstoffer gëllt, dréngt déif an d'Longen an.

## ET LÄIT UN EIS, ALTERNATIVEN ZE FANNEN!

- Reduzéieren oder Vermeide vu Freedefeier
- Sech iwwer aner Forme vu Liichtshows informéieren, déi manner haart, invasiv an ëmweltschiedlech sinn.

Zousätzlech Informatiounen (Studien, Artikelen, ...)

Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu

pétange
MOTIVATION COMMUNE



# Rentnerfeier zu Péiteng

Et ass jo schonn eng Traditioun, datt déi pensionéiert Leit aus der Péitenger Gemeng am Dezember op d'Rentnerfeier invitéiert ginn. Och dëst Joer ass dat nees esou.

D'Chrëschtfeier fënnt dëst Joer de **17. Dezember vu 14.30 bis 18 Auer** am Péitenger Sportzentrum Bim Diederich statt. Eng Invitatioun gouf am Laf vum Mount Oktober un d'Leit verschéckt, zesumme mat engem Formulaire, mat deem een sech aschreiwe konnt. D'Pensionären, déi eréischt méi spéit am Joer an d'Pensioun gaange sinn oder ginn, an nach kee Bréif kruten, kënnen sech am Biergerzenter vun der Péitenger Gemeng op dëser Nummer melden: **Tel.: (+352) 50 12 51-1000**

# Feux d'artifice à la Saint-Sylvestre

Respectant l'avis majoritairement négatif émis par le conseil communal dans sa séance du 16 mars 2016, **le bourgmestre a décidé de ne pas accorder une autorisation générale de tirer des feux d'artifice sur tout le territoire de la commune de Pétange dans la nuit de la Saint-Sylvestre 2025/ Nouvel An 2026.**



# Ensemble, gardons Pétange propre et agréable à vivre



Vous l'avez sans doute déjà remarqué : un sac bleu sorti trop tôt, et voilà que les oiseaux ou les rongeurs s'invitent à festoyer avant les éboueurs. Résultat : des déchets éparpillés, des trottoirs salis et un espace public moins accueillant pour tous.

### Respectez les jours et horaires de collecte

Pour que notre commune reste propre et agréable, merci de respecter les jours et horaires de collecte :

- sortie des sacs bleus et des poubelles après 18h00 la veille du ramassage,
- et avant 7h00 le matin même.

### Astuce pratique : consultez la City-App Pétange

Gratuite et simple à utiliser, cette application vous enverra chaque veille de collecte, à 19h00, un rappel automatique pour ne plus jamais oublier de sortir vos déchets au bon moment.

### Pourquoi c'est important

Comme tous les animaux, pigeons, corbeaux, rats et souris sont attirés par les restes de nourriture. Des sacs déposés trop tôt deviennent vite des buffets à ciel ouvert, déchirés et éparpillés, ce qui :



- salit nos trottoirs et nos quartiers,
- attire d'autres nuisibles,
- et nuit à la qualité de vie dans notre commune.

### Un rappel du règlement communal

Le règlement général de police de la commune de Pétange prévoit des sanctions administratives pouvant aller jusqu'à 250 euros pour le dépôt de sacs ou poubelles avant 18h00 la veille ou après 18h00 le jour de la collecte. Des contôles réguliers sont programmés dans les prochaines semaines.

### Souvenez-vous : avant l'heure, ce n'est pas l'heure !

En respectant les bons horaires, vous contribuez à garder Pétange propre, saine et agréable pour tous. Merci pour votre geste citoyen.



## CONCOURS




# Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?

### A wéi steet et mat äre botanesche Kenntnisser?

Dës Kéier ass eise Concours e bëssen anescht – a virun allem méi gréng!

Amplaz Gebaier oder Plazen ze erkennen, geet et dës Kéier ëm eng flott Planz: e Bam deen op ville Plazen an eiser schéiner Gemeng Péiteng steet.

### Är Missioun:

Kuckt Iech d'Foto gutt un – wësst Dir, **wat fir eng Zort** Bam dat ass?

Test Är botanesch Kenntnisser a weist, datt Dir sträichen - wësst, wéi eng, wéi eng Planzen an ärem Ëmfeld wuessen!

### Sou maacht Dir mat:

*Schéckt eis Är Äntwert mam vollen Numm an der Adress un:*

**concours@petange.lu** *oder per Post un:*

**Service Culture et Communications**
**2, Place du Marché - L-4756 Péiteng**

Mat e bësse Chance zielt Dir zu eisen dräi Gewënner – déi an der nächster Editioun veröffentlecht ginn – a gitt mat enger flotter Planz belount!

Vill Spaass beim Sichen a vill Gléck!

### Opléisung vun der leschter Editioun:

Dat Weekraïz steet um Eck vun der rue des jardins zu Rodange.

D'Gewënner aus der leschter Editioun sinn:

- Erwin Franzen vu Rodange
- Gloutin Catherine vu Rodange
- Lara Cornely vu Lamadelaine

**D'Gewënner kënnen hiert Buch bei de Service Culture et Communcations siche kommen. Merci fir d'Matmaachen!**







**All éischte vum Mount eng nei Emissioun iwwert an aus der Gemeng Péiteng.**

**Ze gesinn op eisem Youtube Kanal, eiser Internetsäit, op all eise Social Media Kanäl an esouguer op apartTV.**

www.petange.lu/mediatheque/videos/

Commune de Pétange | commune.de.petange

Gemeng Péiteng - Commune de Pétange

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

www.petange.lu

# STUDIO SUD PILATES

## Un souffle de bien-être à Rodange









À Rodange, un nouveau souffle s'installe au 16 route de Longwy. Dans leur cocon lumineux, Svetlana Porobanova, fondatrice du studio et Manoli Collard vous accueillent au Studio Sud Pilates, un lieu où le mouvement devient une source d'équilibre et de joie.

Ici, pas de foule ni de rythme effréné : chaque cours est limité à dix personnes pour offrir un accompagnement sur mesure. Svetlana, infirmière et passionnée de sport, a découvert dans le Pilates une vraie transformation – physique et intérieure. Certifiée Balanced Body, elle partage aujourd'hui cette méthode accessible à tous, pour renforcer le corps, apaiser l'esprit et retrouver confiance en soi.

À ses côtés, Manoli, professeure de yoga et maman de quatre enfants, fait rayonner la sérénité. Du yoga aérien au Kundalini, en passant par le yoga prénatal, elle invite chacun à respirer, se recentrer et cultiver le bien-être dans la douceur.

Leur credo : écoute, fluidité et joie. Le studio propose des cours variés, en matinée, à midi ou en soirée, ainsi que des formules pour entreprises, crèches et foyers. Et pour couronner le tout, le parking public juste en face offre une heure gratuite !

*Découvrez leur univers sur*
**https://www.eversports.at/s/studio-sud-pilates**

*Suivez-les sur Facebook | Instagram*
**mad.e of Yoga**

**Studio Sud Pilates** | **@studiosudpilates**

16, route de Longwy, RODANGE

# Wir trennen unseren Müll (Teil 2)

In der Gemeinde Péiteng wird viel recycelt.

Viele Einwohner der Gemeinde Péiteng arbeiten zusammen.

Sie wollen die Umwelt schützen.

In der letzten „Meng Gemeng“ stand ein Text darüber.

In diesem Text erklären wir:

- die graue Tonne
- die braune Tonne.

## Die graue Tonne



In die graue Müll-Tonne kommt Rest-Müll.

Rest-Müll ist Abfall, den man nicht recyceln kann.

Beispiele für Rest-Müll sind:

- Windeln und feuchte Tücher
- Watte
- Zigarettenkippen
- Katzenstreu



Rest-Müll gehört **nicht** in die grüne Tonne.

Auch **nicht** in die anderen Tonnen.

Die Gemeinde Péiteng holt diesen Rest-Müll ab.

Dieser Rest-Müll wird verbrannt.

Dann bleibt nur noch Asche übrig.

Es gibt auch gelbe Säcke für Rest-Müll.

Die sind gut, wenn die graue Tonne voll ist.

Man kann den gelben Sack neben die graue Tonne stellen.



Die gelben Säcke bekommt man in der Gemeinde Péiteng.

10 Säcke kosten 20€.

## Die braune Tonne



In die braune Tonne kommt hinein:

- Glasflaschen

Sie müssen leer sein.

Und sie dürfen keinen Deckel haben.

- Glasbehälter



Sie müssen leer sein.

Und sie dürfen **keinen** Deckel haben

- Gläser

In die braune Tonne darf man **kein** flaches Glas werfen.

Zum Beispiel:

- Spiegel
- Fenster-Scheiben.



Die Gemeinde Péiteng kümmert sich um das Glas.

Sie holt das Glas an jedem ersten Freitag im Monat ab.

## Wo bekommt man diese Müll-Tonnen?

Die graue Tonne und die braune Tonne bekommt man bei der Gemeinde.

Man kann sie im Büro 2 im Gemeinde-Haus bestellen.

Es gibt große und kleine Müll-Tonnen.

Die große Müll-Tonne kostet mehr.

Mitarbeiter von der Gemeinde bringen die Müll-Tonne zu den Leuten.

Infos findet man hier:

**https://tinyurl.com/58twbaw2**


pétange
MOTIVATION COMMUNE
Chrëschtdag
an der
Millen
zu Rolleng
12.-13.12.2025
Fr. : 17h00-21 h00
Sa.: 11 h00-20h00
• Iessen a Gedrénks
• Chrëschtdeko • Live Music